N°3902
Entrée le 10.04.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 10.04.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/04/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau & Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

Am Kader vun der weiderer Ausbreedung vun der asiatescher Harespel (Vespa velutina) an der Gefor, déi dës fir eis lokal Biodiversitéit an eis Beienzuucht duerstellt, stellt sech ëmmer méi d'Fro no der Käschteneffizienz vun den ergraffene Moossnamen. Wärend eis Nopeschlänner, wéi beispillsweis d'Wallounie an der Belsch, op grouss ugeluechte preventiv Campagnë setze mat der Verdeelung vun Zéngdausende vu Falen, konzentréiert sech d'Strategie hei am Land bis elo nach ëmmer gréisstendeels op d'Ewechhuele vun de fäerdegen Näschter duerch professionell Acteuren.

Wann een déi zwou Approche vergläicht, gëtt awer kloer, datt déi finanziell Käschte vun enger präventiver Fal extrem niddereg sinn – also quasi am Beräich vun e puer Cent leien – wärend d'Ewechhuele vun engem eenzegen Nascht eng komplex Interventioun verlaangt, déi séier onproportional vill Euroe kascht. Dëst extreemt Verhältnes vu Centbeträg bei der Präventioun vis-à-vis vun héijen Eurobeträg bei der Reaktioun werft d'Fro op, ob eng proaktiv Moossnam, déi vun de Bierger an de Beienziichter gedroe gëtt, net wesentlech méi rentabel wier. Eng méi staark Konzentratioun op d'Präventioun kéint laangfristeg de Budget vum Staat entlaaschten an d'Ausbreedung vun dëser invasiver Aart gläichzäiteg méi effikass ofbremsen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi héich leien déi aktuell duerchschnëttlech Käschte fir eng eenzel professionell Interventioun fir d'Ewechhuele vun engem Nascht vun der asiatescher Harespel zu Lëtzebuerg?
2. Wéi héich ass de globale finanzielle Montant, deen de Staat an de leschten zwee Joer fir

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

d'Eliminatioun vun dësen Näschter huet missen opbréngen?

3. Deelt d'Regierung d'Aschätzung, datt de Käschtepunkt vun enger präventiver Fal a kengem Verhältnes zu den héijen Interventiounskäschte steet (Centbeträg fir eng Fal am Verglach zu héijen Eurobeträg fir d'Ewechhuele vun engem Nascht)?

4. Zitt d'Regierung aus dëser Diskrepanz d'Conclusioun, datt eng ëmfaassend, staatlech ënnerstëtzte Verdeelung vu Falen (wéi an der Wallounie) eng wirtschaftlech an ekologesch méi sënnvoll Léisung duerstellt?

5. Ginn et spezifesch logistesch oder aner Hürden, déi d'Regierung de Moment dovun ofhalen, esou eng präventiv an national Campagne zur Verdeelung vu Falen ëmzesetzen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit a vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°3902 vum 10. Abrëll 2026 vum éirewäerten Deputéierte Sven Clement iwwert "Asiatesch Runn"**

**1. Wéi héich leien déi aktuell duerchschnëttlech Käschte fir eng eenzel professionell Interventioun fir d'Ewechhuele vun engem Nascht vun der asiatescher Harespel zu Lëtzebuerg?**

D'Neutraliséiere vun Näschter op ëffentlechem Terrain gëtt aktuell intern duerch d'ANF ofgewéckelt an ausschliisslech mat eegene *ressources humaines* realiséiert. Bei der ANF ass eng dofir spezifesch zoustänneg Persoun am Asaz.

Wat Interventiounen op privatem Terrain ugeet, déi vu spezialiséierte Firmen iwwerholl ginn, kënnen d'Käschten staark variéieren. Si hänken ënner anerem vum Typ vum Nascht (embryonär, primär oder sekundär) of, vun der Lag, der Accessibilitéit souwéi vun de jeeweilege sécherheetstechnesche Konditiounen.

Fir eng besser Aschätzung vum finanziellen Opwand ze kréien, huet d'Naturverwaltung eng Schätzung op Basis vum Déplacement, der Dauer vun der Interventioun an dem néidege Material gemaach. Op där Basis gëtt aktuell e staatlechen Entschiedegungsforfait tëscht 50 an 300 Euro ugebueden.

Déi lafend Aktiounscampagne soll et erlaben, an Zukunft méi präzis an detailléiert Donnéeën zu de reelle Käschte vun Interventiounen op privatem Terrain ze sammelen.

**2. Wéi héich ass de globale finanzielle Montant, deen de Staat an de leschten zwee Joer fir d'Eliminatioun vun dësen Näschter huet missen opbréngen?**

De Staat huet am Kader vun der Lutte géint déi Asiatesch Runn bis elo Material kaf fir e Montant vu ronn 14.000 EUR.

**3. Deelt d'Regierung d'Aschätzung, datt de Käschtepunkt vun enger präventiver Fal a kengem Verhältnes zu den héijen Interventiounskäschte steet (Centbeträg fi r eng Fal am Verglach zu héijen Eurobeträg fir d'Ewechhuele vun engem Nascht)?**

Reng finanziell gekuckt, kascht eng Fal déi am Kader vun der Bekämpfung vun der Asiatescher Runn agesat gëtt tatsächlech manner wéi eng Interventioun fir e Nascht vun der Asiatescher Runn ewechzemaachen. Allerdéngs kann een den Impakt vun enger Fal an den Impakt vum Neutraliséiere vun engem Nascht op d'Populatioun vun der asiatescher Runn net matenee vergläichen. D'Thema vun der Lutte géint invasiv exotesch Aarte sollt ee net reng op Käschte vu Material fir d'Gestioun beschränken.

**4. Zitt d'Regierung aus dëser Diskrepanz d'Conclusioun, datt eng ëmfaassend, staatlech ënnerstëtzte Verdeelung vu Falen (wéi an der Wallounie) eng wirtschaftlech an ekologesch méi sënnvoll Léisung duerstellt?**

Mir verweisen an dësem Kontext op d’Äntwert op d’Fro 3.

**5. Ginn et spezifesch logistesch oder aner Hürden, déi d'Regierung de Moment dovun ofhalen, esou eng präventiv an national Campagne zur Verdeelung vu Falen ëmzesetzen?**

De Fokus vum Neutraliséiere vu Näschter am Fréijoer (embryonär & primär) ass dee beschte Wee, fir d’Weiderentwécklung vun de Kolonien an d’Constructioun vu sekundäre Näschter am Summer ze verhënneren. All Nascht, wat am Fréijoer fachgerecht neutraliséiert gëtt, verhënnert am Prinzip ee sekundärt Nascht mat bis zu puer dausend Runnen am Summer.

D’Neutraliséiere vun de Näschter vun der Asiatescher Runn ass zu 100% selektiv (ënner Virbehalt, datt d’Identifikatioun korrekt gemaach ginn ass). Beim Neutraliséiere vun engem Nascht vun der Asiatescher Runn gëtt et also prinzipiell keng Kollateralschied. Beim Asaz vu Fale kann net ausgeschloss ginn datt eenheemesch geschützten Insekten gefaange ginn. Dofir ass d’Selektivitéit vun de Falen e ganz wichtege Krittär.

Och wann d’Regierung elo eng präventiv Campagne déi sech op d’Neutraliséiere vun Näschter am Fréijoer konzentréiert verfollegt, ass se awer gewollt den Asaz vu Falen do zouzeloossen wou Schued op d’Hunnegbeien kéint entstoen.

Sollten nei wëssenschaftlech Donnéeën zur Effizienz an zu den Auswierkungen vun Falen verfügbar ginn, wäert de *Groupe de pilotage Vespa velutina* eng nei Bewäertung vun der Situatioun virhuelen.

Lëtzebuerg, den 18. Mee 2026
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit